



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre de la Défense

Luxembourg, le 10 MARS 2021

Dossier suivi par:
Alex RIECHERT
Tél.: 247-82831
E-mail: alex.riechert@mae.etat.lu

REÇU
Par Alf Christian, 12:52, 10/03/2021

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

L-2450 LUXEMBOURG

n. réf.: A37.149.21

Objet : Question parlementaire n°3621

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de mes sentiments très distingués.

François Bausch
Ministre de la Défense

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de la Défense et de Madame la
Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 3621 du 11 février 2021 des
honorables Députés Fernand Kartheiser et Jeff Engelen au sujet de « Hôpital
militaire »**

Zu de Froen 1 a 4:

De Choix dat geplangte Militärspidol un eng existéierend Spidolsinfrastruktur ze koppele war motivéiert duerch d'Sich no Synergien, besonnesch an de Beräicher Logistik, Entretien, Personal, Expertis, asw.

D'Entscheidung, d'Militärspidol zesumme mat engem Spidol ze situéieren, gouf vun allen Acteure vum lëtzebuergesche Gesondheetssecteur ënnerstëtzt. Dëse Choix huet och de Virdeel, dass d'Struktur am Krisefall ganz séier kann aktivéiert ginn, well se an enger éischter Phas vu pré-identifiziertem Personal aus dem Partnerspidol ka matbedéngt ginn.

E Standuert beim Fluchhafen oder dem Centre militaire huet am Verglach de Nodeel, dass am Fall vun enger Noutfallaktivéierung et zu zousätzlechen Delaie komme géif, wat d'Versuergung vun de Patiente behënnere géif an zu enger Dispersioun vun zu Lëtzebuerg verfügbare medezinesche Personal féiere géif.

Zur Fro 2:

Wat d'Sécherheetsexigenze betrëfft, sou hunn den zukünftege Site vum Südspidol an de Projet deen de Centre Hospitalier Emile Mayrisch presentéiert huet am beschten adaptéiert geschéngt fir de Besoine vun der Défense z'entsprieche, besonnesch am Hibleck op d'Sécurisatioun an eng garantéiert Accessibilitéit, och fir Helikopteren.

Zur Fro 3:

Am Moment sinn d'Aarbechten am Gaange fir déi verschidde Besoine vun de verschiddenen Acteuren zesammenzesetzen. No der Machbarkeetsetüd iwwert déi Besoinen, wäert et méi kloer gi wéi déi nei Infrastruktur an d'Verbinding mat der existéierender Infrastruktur soll ausgesinn. Mee de Projet ass esou artikuléiert datt d'Spidol keng primär Aufgab an enger Pandemie huet. Dëst kann awer nach no der Etüd geännert ginn, falls sech erausstelle sollt, dass et méiglech wier.

Zur Fro 5:

Déi grondleeënd Krittere goufen de Groupes hospitaliers a Form vun enger Lëscht vu Besoinen an definéierte Krittere virgestallt. Wichteg Aspekter bei der Analys waren ënnert anerem d'Sécurisatioun

vum Site an eng garantéiert Accessibilitéit, woubäi dës och vun engem strategeschen, operationellen a medezinesche Standpunkt a Perspektiv mat der lëtzebuergescher Spidolslandschaft gesat goufen.

D'Projeten déi eragereecht goufen, goufen enger Grupp vun auslänneschen Experte virgeluecht. Dës hunn hir Analys ënner Berécksichtigung vun de virgenannte Besoinen a Krittären duerchgefouert.

De getraffene Choix dréckt de Wëllen aus, mat dem ausgewielte Partner verdéifte Gespréicher a (Machbarkeets-)Etüden ze lancéieren. Dëst schléisst am iwwregen net d'Bedelegung vun anere Groupes hospitaliers a pertinenten Deeler vum Projet aus.